# Scoutissem/Guidissem: Zil a Method

## Ziler

Niewent der Famill, der Schoul, dem soziale Milieu an de Medien, déi op hir jeweileg Manéier d'Leit "erzéien", kréie Medercher a Jonge bei de Guiden a Scouten eng zousätzlech edukativ Chance, fir Erwuessener ze gin, déi aktiv hir Plaz an der Gesellschaft anhuelen an doduerch zum eegene Gléck fannen.

De Weltscoutsverband formuléiert d'Missioun vum Scoutismus folgendermoossen:

> ***La mission du scoutisme***
> *Le scoutisme a pour mission – en partant de valeurs énoncées dans la Promesse et la Loi scoutes – de contribuer à l'éducation des jeunes afin de participer à la construction d'un monde meilleur peuplé de personnes épanouies, prêtes à jouer un rôle constructif dans la société.*
> *Pour y parvenir*
>
> - *Il propose aux jeunes d'entrer, tout au long de leurs années de formation, dans un processus d'éducation non-formelle*
> - *Il utilise une méthode originale selon laquelle chacun est le principal artisan de son propre développement pour devenir une personne autonome, solidaire, responsable et engagée*
> - *Il les aide à développer un système de valeurs basé sur les principes spirituels, sociaux et personnels exprimés dans la Promesse et dans la Loi.*

D'Aussoen vun dësem Text entspriechen och deenen vum Weltguideverband, och wann deen e weideren Akzent op déi speziell Besoinën vun de Meedecher setzt.

D'Ausriichtung an d'Ziler vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten sin an de Statute méi genee beschriwwen.

Fir hir edukativ Missioun ze erfëlle brauch d'Guiden- a Scoutsmouvement erwuesse Männer a Fraën als Chef a Cheftainen. Mir kënnen awer och mat Satisfaktioun feststellen, datt Leit bei äis fort gi fir sech op eng aner Manéier an der Gesellschaft z'engagéieren, z.B. an enger Ëmweltorganisatioun, bei soziale Wierker, bei enger ONGD, an der Kiirch oder an der Politik. Bei dësen Erwuessenen dréit de Guidissem/Scoutissem séng Friichten.

## Method

De Guidissem/Scoutissem ënnerscheed sech vun anere Veräiner ënner anerem duerch séng Method, déi vun alle Guiden a Scouten op der ganzer Welt praktizéiert gët. Wichteg Elementer vun der Guiden- a Scoutsmethod sin am Artikel 1.3 vun de Statuten opgezielt; se gëlle fir all Branchen, wann och dat eent oder anert Element je nom Alter méi oder manner intensiv agesat gët.

Jidfer Branche huet awer séng spezifesch Mëttelen, Symboler a Manéiere fir d'Guide-/Scoutsmethod z'applizéieren (Duerfir gët och vu "Branchemethod" geschwat). Wie praktesch an enger Branche als Chef/taine aktiv as, muss déi entspriechend "Method" onbedéngt kennen.

Eis Branchenéquipen hu gutt a praktesch Methodebicher ausgeschafft, déi jiddereen am "Shop" ze kafe kritt an déi een sech och kann am DZ (Dokumentatiounszenter) ausléinen. Duerfir kënne mir äis hei zefridde gi mat engem kuerzen Iwwerbléck (Tableau) iwwer d'Branchen a mat e puer weidere Bemierkungen zu der Method:

- D'Verspriechen resp. d'Engagement kënnt an all Branche an och bei de Chef/tainë vir; natiirlech huet et je nom Alter vun der Guide an dem Scout eng ënnerschiddlech Bedeitung. Iwwer de Sënn vum Engagement, d'Virberedung op d'Verspriechen an d'Duerchféierung vu Verspriechens- an Engagementsfeiere fënnt ee vill Iddien am LGS-Dossier N° 2 "Paddel däi Kanu".
- D'Guide-/Scoutsmethod eegent sech ganz gutt fir Aktivitéiten a Form vu "Projet-en" ze maachen. E Projet as eng Aktivitéit,
- déi sech ëm e bestëmmt Thema dréint,
- déi iwwer eng länger Zäit leeft, z.B. 1 - 2 Méint je no Branche,
- där hir Erliefnëskurv lues erop geet a kuerz virum Schluss en Héichpunkt erreecht,
- bei där d'Kanner a Jugendlech je no hirem Alter manner oder méi matbestëmmen a Matverantwortung iwwerhuelen.

Esou eng Aktivitéit heescht bei de Biber « Kniwe »l, de WiWël "Komet", bei den AvEx "Aventure/Expeditioun", bei de CaraPio "Entreprise" a bei de RaRo "Projet". Méi doriwwer an de jeweilege Methodebicher vun de Branchen.